Op der Schock, société coopérative stellt an:

Mir bauen eise Kicheberäich aus, dofir siche mir:

1 zousätzleche Kach/Traiteur (m/f/n), CDI 40 St./Woch fir eisen Kichenatelier zu Réiden – REF: COOP202501

Missioun:

- Encadrement a Leedung vun enger Equip vu Mënschen mat enger intellektueller Beanträchtegung am Kicheberäich
- Zesummen mat der Equip di verschidde Produktiounen an Arbechten an der Kichen fachgerecht duerchféieren
- Qualitéit vun de Produit'en an Ëmsetzen vun den Normen HACCP garantéieren
- Nei Produit'en matentwéckelen

Qualifikatioun a Kompetenzen:

- Een zu Lëtzebuerg unerkannten Diplom als Kach/Traiteur oder Beruffserfahrung am Beräich am Kicheberäich an gutt Basiskenntnisser vun dëser Arbecht
- Beherrschen vun den HACCP Normen
- Kreativitéit a Freed qualitativ héichwäerteg Produit'en hierzestellen
- Eng respektvoll, léisungsorientéiert a wohlwollend Haltung an der Aarbecht
- Kapabel, autonom ze schaffen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen
- Strukturéiert a koordinéiert Schaffen
- Humor, Flexibilitéit an Teamfäegkeet
- Loscht, sech an engem engagéierten Team matzeschaffen

Konditiounen:

- Salaire a Conditioune vum CCT SAS
- Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch
- Führerschäin B
- Well dir mat Mënsche mat enger Beanträchtegung schafft, gëtt och een Extrait (3,4 an 5) aus dem Casier judiciaire gefrot

Lëtzebuergesch schwätzen ass eis wichteg, fir dass déi betreite Persounen hir Betreier verstinn.

1 Coordinateur fir eis Kichen (m/f/n), CDI 30-40St./Woch fir eisen Atelier d'inclusion professionnelle zu Réiden – REF: COOP202502

Deng Missioun:

An engem Team vu Coordinateuren zesummen d'Leedung vun den Ateliers d'Inclusion Professionnelle assuréieren a fir ee gudde Fonctionnement suergen, am Aklang mat de Wäerter an der Philosophie vun der Schock.

De Schwéierpunkt vun denger Aarbecht läit an der Leedung vum Kicheberäich:

- Leedung vum Team
    - Aarbechtsorganisatioun a Fonctionnement vum Alldag mat der Equipe zesumme plangen an ëmsetzen

- Leedung vun Teamversammlungen
- Féierung vu Mataarbechtergespréicher

mat der Ënnerstëtzung vu pädagogesche Mataarbechter:

- Aarbechtsofleef strukturéieren an un d'Kompetenze vun eise betreite Mataarbechter upassen
- Entwécklung an Aktualiséierung vun Aarbechtsprozeduren an Zesummenaarbecht mam Team
- Förderung vun de Kompetenze vun de betreite Mataarbechter

- Qualitéitsgestioun an Organisatioun vun der Produktioun:
  - Fir eng gutt Qualitéit vun eise Produit'en suergen
  - Käschtenopstellungen maachen
  - Austausch a Verhandlunge mat Fournisseuren, eng Zesummenarbecht mat regionale Produzenten an/oder Bioproduzenten opbauen
  - Nei Produkter mat entwéckelen

- Berodung an Austausch mat Client'en

- Nei Aktivitéiten am Kicheberäich mat opbauen an di besteeënd Beräicher weider ausbauen, dëst virun allem am Kader vun eisem Ausbauprojet vun den Ateliers d'inclusion professionnelle.

<u>Qualifikatioun a Kompetenzen déi's du als Coordinateur matbrénge solls:</u>

- ✓ Een zu Lëtzebuerg unerkannten Diplom Niveau BTS oder Bachelor am Beräich Management an der Restauratioun o.ä.
- ✓ Kenntnisser vun de gängegen Normen am Liewensmëttelberäich (HACCP…)
- ✓ Ee Leadership, wat geprägt ass duerch eng respektvoll, wohlwollend a léisungsorientéiert Haltung an der Aarbecht, Kloerheet an Zilgeriichtheet
- ✓ Fäegkeet, Freed a Motivatioun, souwéi och den Equippegeescht ze förderen
- ✓ Ee wohlwollenden a wäertschätzenden Humor
- ✓ Kapabel, autonom ze schaffen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen
- ✓ Gutt Kompetenzen an der Verschréftlechung an an der Kommunikatioun
- ✓ Strukturéiert a koordinéiert Schaffen, gutt Zäitgestioun
- ✓ Flexibilitéit an Teamfäegkeet
- ✓ Gutt PC-Kenntnisser

<u>Wat mir dir bidden ?</u>

- ✓ Zesummeschaffen an engem dynameschen a motivéierten Team
- ✓ Vernetzung mat anere Servicer
- ✓ Reegelméisseg Formatiounen
- ✓ Aschaffen vun der Direktioun an deenen anere Memberen vum Leedungsteam
- ✓ CDI
- ✓ Salaire a Konditioune vum CCT SAS

<u>Konditiounen</u>**:**

- Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch
- Führerschäin B
- Well dir mat Mënsche mat enger Beanträchtegung schafft, gëtt och een Extrait (3,4 an 5) aus dem Casier judiciaire gefrot

Lëtzebuergesch schwätzen ass eis wichteg, fir dass déi betreite Persounen hir Betreier verstinn.

Wann Dir interesséiert sidd, schéckt Är Demande (Liewenslaf, Motivatiounsbréif, Foto, Kopie vum néidegen Diplom a senger Unerkennung zu Lëtzebuerg) un:

Op der Schock
Ressources humaines
B.P.10
L-8501 Redange

Oder per E-Mail un: recrutement@ods.lu

Eng éischt Selektioun gëtt opgrond vun den Dossiere gemaach

Fir weider Informatiounen, kënnt dir eis gäre kontaktéieren. Tel: 26 62 18 81 E-mail: recrutement@ods.lu